• Den 10. Mäerz 1999 huet de Gesondheetsminister de Projet de loi 4546 iwwer d'Modernisiérung vu verschiddene Structures de long séjour déposéiert.

• Den 11. Mäerz 1999 hun den Här Henri Grethen an d'Madame Lydie Polfer d'Proposition de loi 4547 an d'Proposition de loi 4548 déposéiert.

• Den 12. Mäerz 1999 huet d'Transportministesch de Projet de règlement grand-ducal 4549 iwwer d'Schëffaart déposéiert.

• De 15. Mäerz 1999 huet den Här Willy Bourg d'Proposition de loi 4550 iwwer d'Unerkennung vun den oneheleche Kanner déposéiert.

3. A sénge Bréiwer vum 9. Februar a vum 8. Mäerz 1999 huet de Generalsekretär vum Europaparlament den Text vun de Resolutiounen zoukomme gelooss, déi d'Europaparlament a sénge Sitzungsperiodë vum 27. an 28. Januar a vum 24. a 25. Februar 1999 ugeholl huet.

## 2. Retrait du rôle de la Chambre des Députés de plusieurs propositions de loi

Nom Vote vum Projet de loi 4340 iwwer d'Pensiounswiesen a vum Projet de loi 4459 iwwer den nationale Beschäftegungsplang sin eng Rei vu Propositions de loi hifälleg gin. Dofir huet d'Commission de Travail virgeschloen, folgend Propositioune vum Rôle ze sträichen:

• d'Proposition de loi 2717 iwwer de Congé parental

• d'Proposition de loi 2763 iwwer d'Aféierung vun engem Baby-Year

• d'Proposition de loi 2858 iwwer d'Urechne vum Militärdéngscht

• d'Proposition de loi 3403 iwwer d'Sozialrecht

• d'Proposition de loi 3504 iwwer de Congé postnatal

• d'Proposition de loi 3532 iwwer de Congé bei Krankheet vun engem Kand

• d'Proposition de loi 3557 iwwer de Congé bei Krankheet vun engem Kand

• d'Proposition de loi 4181 iwwer d'Pensiounsrecht

• d'Proposition de loi 4222 iwwer déi handicapéiert Arbechter

• d'Proposition de loi 4269 iwwer de Congé am Privatsecteur

• d'Proposition de loi 4301 iwwer de Code des assurances sociales

• d'Proposition de loi 4329 iwwer d'Femmes rentrantes.

As d'Châmber domat averstanen?

*(Assentiment)*

Et as also esou décidéiert.

## 3. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 11. Februar huet d'Commission de Travail folgendes fir dës Woch festgehalen:

D'Châmber siégéiert haut de Mëtteg, muer um halwer 3, an iwwermuer och um halwer 3.

Um Ordre du jour, deen Iech schréftlech zougestallt gouf, steet folgendes:

Haut de Mëtteg :

• d'Orientatiounsdebatt iwwer d'Palliativmedizin an d'Euthanasie

E Mëttwoch um halwer dräi an iwwermuer, en Donneschdeg, och um halwer dräi:

• d'Ofstëmmung iwwer 2 Motiounen, déi zur Orientatiounsdebatt iwwer d'Fraen déposéiert goufen,

• de Projet de loi 4460 iwwer d'Cité judiciaire um Helleggeeschtplateau

• de Projet de loi 4495 iwwer de Centre pénitentiaire vu Giwenech

• de Projet de loi 3837B iwwer d'Emweltverwaltung

• de Projet de loi 4478 iwwer d'Virements transfrontaliers

• de Projet de loi 4234 iwwer d'Consignatioune beim Stat

• de Projet de loi 4464 iwwer d'Publicité foncière

• de Projet de loi 4370 iwwer de Finanzsecteur

• de Projet de loi 4053 iwwer d'Zesummenaarbecht mat der Belsch bei der Protection civile

• zwou Propositions de loi gin nom Artikel 59(3) vum Châmberreglement virgestallt:

- d'Proposition de loi N° 4539 vum Här Robert Garcia iwwer d'Centrale culturelle Belval, an

- d'Proposition de loi 4540 iwwer d'Europauniversitéit Terres Rouges, och vum Här Garcia

• d'Questions avec débat N° 10, 11, 12 a 14.

As d'Châmber domat averstanen?

*(Assentiment)*

Et as also esou décidéiert.

Den Här Biltgen huet d'Wuert gefrot.

## 4. Dépôt d'une proposition de loi

**M. François Biltgen** *(CSV)*.- Här President, ech wëll folgend Proposition de loi, déi ech an Zesummenaarbecht mat der Liga vu "Garten und Heim" ausgeschafft hun, deposéieren:

*- Proposition de loi 4551 portant réglementation des ensembles de coins de terre et jardins familiaux.*

**M. le Président**.- D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun dëser Proposition de loi duerch den Här François Biltgen.

Da komme mir elo zu eisem Ordre du jour vun haut, der Orientatiounsdebatt iwwer d'Palliativmedezin an d'Euthanasie.

D'Damme Marcelle Lentz-Cornette, Agny Durdu an d'Häre Jean-Pierre Klein, Jean Huss a Jacques-Yves Henckes hu sech schon ageschriwwen.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice, d'honorabel Mme Françoise Kuffer.

## 5. Débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie - N° 4408

*Rapport de la Commission spéciale d'Ethique*

**Mme Françoise Kuffer** *(LSAP), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi enorm technologesch Fortschrëtter an de leschte Jorzéngten, grad am Beräich vun der Medezin, hun eis Liewenserwaardung verlängert. Nei medezinesch Techniken halen de Mënsch ëmmer méi laang um Liewen; déi Techniken heeschen nët fir näischt "Techniques de survie". Si werfen allerdéngs och d'Fro vun der Qualitéit vum Liewen op, dat esou erhale gët.

Déi selwecht ëmmer méi sophistikéiert Techniken déi eis Liewenserwaardung verlängeren, kënnen a bestëmmte Fäll ganz schwireg Situatiounen entstoë loossen, Situatiounen, déi ganz komplex ethesch, deontologesch a juristesch Froen iwwer d'Stierwen an den Doud opwerfen.

D'Dokteren an d'Paramedeziner sin nët selte konfrontéiert mat Situatiounen, wou zwou Erausfuerderungen openeen treffen, wou muss décidéiert gin tëschent dem Erhale vum Liewen op där enger Säit an dem Erhale vun der mënschlecher Dignitéit op där anerer Säit. Esou Décisioune sin ni einfach.

D'Medezin brëngt et haut fäerdeg, d'Stonn vum Doud no hannen ze verréckelen, si brëngt et fäerdeg, d'Zäitspan tëschent dem Ufank an dem Enn vun enger onheelbarer Krankheet ëmmer méi an d'Längt ze zéien an et as genau déi Phas vum Liewen, iwwer déi mer haut schwätze mussen.

De Mënsch huet sech ëmmer scho Froen iwwer den Doud gestallt. An allen Zivilisatiouen huet hie versicht a sénge kulturellen a reliösen Traditiounen d'Kraaft ze fannen, d'Angscht virum Doud als dee groussen Onbekannten ze meeschteren.

Haut, an eiser moderner Gesellschaft, hu mir d'Tendenz den Doud ze ignoréieren. Mir maachen alles fir d'Zeeche vum Alteren, déi d'Virbote si vun eiser Vergänglechkeet, erauszeschieben.

Mir hun den Doud och aus eiser Mëtt verbannt, aus eisen Haiser an eise Familjen. Déi Leit, déi haut nach am Krees vun der Famill stierwen, sin ëmmer méi rar. Haut stierft een an Institutiounen, an der Regel am Spidol. 65% vun de Lëtzebuerger stierwen haut am Spidol, 4% a Flege- respektiv Altersheimer a 26 % doheem. Dat heescht, datt graff gesi 70% an Institutiounen an 30% doheem stierwen. Virun 20 Jor nach waren déi Prozentsätz genau ëmgedréit.

Dat féiert dozou, datt ëmmer méi Kranker an der Endphas vun hirem Liewe laang Zäiten am Spidol verbréngen, oft total ofhängeg vu friemer Hëllef, vu Famill a Bekannten aleng gelooss an och vun enger ganzer Gesellschaft verlooss, déi de physesche Verfall, d'Stierwen an d'Symptomer vum Doud nët wëll gesinn.

Här President, et gët awer nach en anere Grond woufir mir haut dësen Débat féieren.

Et muss een en och am Kader vun der Diskussioun iwwer d'Rechter vum Patient gesinn. An dës Diskussioun steet am Kontext vun der allgemenger Diskussioun iwwer d'Matbestëmmungsrecht vum Mënsch an alle Liewensberäicher. Säit de 70er Jore schwätze mir anescht vun der individueller Fräiheet, vun individuelle Rechter, vun Autonomie a Selbstbestëmmung.

Mir debattéieren iwwer Fraërechter, Kannerrechter, iwwer Matbestëmmungsrecht am Betrib, an der Schoul, asw. Et läit also op der Hand, datt mir haut och anescht vun de Rechter vum Patient schwätzen. De Mënsch, deen haut an alle Liewensberäicher matbestëmme wëll, wëll dat selbstverständlech och do, wou et e vläicht am déifsten trëfft, nämlech wann e mat Krankheet, Stierwen an Doud konfrontéiert as.

Et as och selbstverständlech, datt an engem veränderten, normativen Horizont, wou de Mënsch nei Revendikatioune stellt par rapport zu sénger Fräiheet a séngem Matbestëmmungsrecht, d'Relatioun tëschent Patient an Dokter eng aner as.

Fréier huet den Dokter zu denen Autoritéite gehéiert, denen een nët widdersprach huet. Dee Kranken huet och selte méi Informatioune verlaangt, wéi den Dokter him der souwisou gin huet an en as dovun ausgaang, datt den Dokter souwisou am beschte weess wat gutt fir hie wir. Haut acceptéieren d'Leit dëse Paternalismus ëmmer manner, si wire gären informéiert fir da kënnen "en connaissance de cause" mat ze décidéieren, wat mat hinne geschitt. Den Dokter weess sécherlech wat medezinesch dat Bescht as. Et gët awer och e Wësse vum Patient iwwer dat, wat fir hie persëinlech a sénger konkreter Liewenssituatioun, um Hannergrond vu séngem Vécu, dat Bescht as. Et gët e ganz flott Buch vum Pascal-Henri Keller, dat d'Wichtegkeet vun dësem "savoir du patient" ervirsträicht, e Wëssen dat en anert as wéi dem Dokter säint, mä en nët manner wäertvollt.

Mir stelle leider och fest, datt mat der Augmentatioun vun der Liewenserwaardung d'Opkomme vun degenerativë Krankheten zougeholl huet. Nieft dem Aids as et haaptsächlech de Kriibs deen eng ëmmer méi hefeg Doudesursaach duerstellt. Dat si Krankheten, déi mat besonnesch penibele Symptomer optrieden.

D'Dokteren a mat hinnen all d'medezinescht Personal ware laang alenggelooss mat alle Froen, déi dës Krankheten an eisen Emgang mat hinnen opwerfen; si hun Dé-